



3. Octroi d'un titre honorifique à M. Marcel Oberweis

Da wollt ech d'Chamber froen, ob se domat d'accord ass, wéi de Bureau dat a senger Reunoun vum 29. Juni proposéiert huet, fir dem Här Marcel Oberweis den Éierentitel vu senger Fonctioun ze ginn.

(Assentiment)

Merci. Dann ass den Här Marcel Oberweis ab elo Éierendeputéierten.

4. Ordre du jour

Den Ordre du jour kennt Der, wéi e vun der Presidentekonferenz vum leschten Donneschdeg proposéiert ginn ass. Ass d'Chamber mat deem Ordre du jour d'accord?

(Assentiment)

Merci. Dann ass dat esou decidéiert. A mir géifen dann direkt zum éischte Punkt vum Ordre du jour kommen, enger erweiderter Fro vum Här Laurent Mosar iwwert d'territorial Restriktionen, wat d'Offer am Commerce ugeet. Här Mosar, Dir hutt d'Wuert.

5. Question élargie n°32 de M. Laurent Mosar relative aux restrictions territoriales de l'offre dans le commerce de détail

► **M. Laurent Mosar** (CSV).- Merci, Här President. Här President, Dir Dammen an Dir Hären, Här Wirtschaftsminister: „Territorial Restriktionen schueden der Kompetitivitéit“, esou ass eng Etüd iwwerschrifft, déi d'Generalsekretariat vum Benelux an Optrag ginn hat an déi bei 68 Lëtzebuergesche Betriber hei am Land gemaach ginn ass. Datt Entreprises hei am Land net fräi um europäesche Marché kënnen wien, wou se hir Produite siche ginn, mä nëmmen do, wou de Réseau vun der Mark et virschreift, huet ënner anerem negativ Konsequenzen op de Präis, d'Marge, d'Gamme vu Produiten a Servicer souwéi den Delai vun der Liwwerung.

Alles dat geet aus där Etüd ervir, déi eigentlech dat bestätegt, wat vill Entreprises, awer och Geschäftsleit ëmmer erëm kritiséieren.

Ech hunn, Här President, de Mëtten net d'Zäit, op den Detail vun dëser interessanter Etüd anzugeen, just awer nach vläicht eng Zuel, déi eigentlech alles ausseet, nämlech dass vun deenen enquêtéierten Entreprises 39,1%, also bal 40%, deklaréieren, dass hir Fournisseuren territorial Restriktionen praktizéieren, déi hirer Kompetitivitéit schueden.

Här President, erlaabt mer, nach ganz kuerz eng kéier op den Historique vun dëser Thematik anzugeen an notament op eng éischt vu ville parlamentaresche Froen, déi heizou gestallt gi sinn, nämlech déi vum 16. Mee 2014, wou ech och an deemselwechte Kontext schonn eng Fro un de Wirtschaftsminister gestallt hat a wou ech mech deemools op Aussoe vun der Madamm Statssekretärin baséiert hat, déi si bei der Geleeënheet vun der Overture vun der Fréijoersfoire 2014 gemaach hat. An ech wëll vläicht awer ganz kuerz déi Aussoen hei nach eng kéier zitieren.

D'Madamm Statssekretärin huet also deemools gesot: „Den Handel huet haut nach ëmmer e seriösen Nodeel, nämlech deen, dass vill vun eise Geschäfte net fräi sinn, do anzekafen, wou et fir si am bëllegste gëtt. Si gi gezwongen, iwwer Importateuren an Tëschenhändler ze fueren, mat der Konsequenz, dass vill Produiten zu Lëtzebuerg méi deier si wéi am Ausland. Elo endlech huet d'Europäesch Kommissioun dat agesinn, nodeems mer ëmmer nees op déi Problemer higewisen hunn. De Kommissär Michel Barnier huet an engem rezente Bréif versprochen, fir elo Remedur ze schafen. Ech hoffe staark“, seet also 2014 d'Madamm Statssekretärin, „dass dat nach virum Enn vun dësem Joer geschitt.“ Also 2014. „Op alle Fall wier dat e grouse Fortschritt fir den Handel an natierlech och fir de Client.“

Véier Joer méi spéit, Här President, muss mer feststellen, dass an där gesamter Thematik eigentlech wéineg, fir net ze soe guer näischt passéiert ass, och wa mer der Regierung zeguthalen, dass se sech ëmmer erëm beméit huet, bei der Europäescher Kommissioun hei unzeklappen.

Mir sinn natierlech frou, dass d'Benelux-Etüd nach eng kéier expressis verbis de Problem vum Geoblocking thematiséiert. A mir géifen eis eigentlech och vun der Regierung erwaarden, dass elo endlech Neel mat Käpp géife gemaach ginn an dass et och zu konkrete Resultater am Interêt vun de Lëtzebuergeschen Entreprises a Geschäftsleit géif kommen.

An deem Sënn géif ech och op d'Kommunikatioun vun der EU-Kommissioun vum 19. Abrëll vun dësem Joer hiweisen. Well eng vun de Konklusiounen vun der Kommunikatioun ass, dass d'Kommissioun der Meinung ass, dass d'Vente en détail misst d'Méiglechkeet hunn, déi national Entitéit vum Fournisseur, bei deem ee sech wëllt provisionnéieren, fräi ze wien.

Dat ass och dann, Här President, de Kär vum Problem, well haut leider nach ëmmer vill Lëtzebuergesch Entreprises a Commerce gezwonge ginn, iwwer eng aner national Entitéit ze fuere wéi déi vun hirem éischte Choix.

Ech géif mir duerfir erlaben, folgend Froen un de Wirtschaftsminister ze stellen:

Éischstens, wat fir eng konkret Mesurë gedenkt de Wirtschaftsminister kuerzfristig ze huelen, fir op déi Praktiken vun territoriale Restriktionen ze reagieren?

Zweetens, kéint de Minister sech virstellen, um Niveau vum Wirtschaftsministère eng Aart Taskforce en place ze setzen tëschent der Chambre de Commerce, der clc, der UEL an dem Wirtschaftsministère, fir iwwer konkret Mesuren ze diskutieren, wéi ee géint déi virgenannte Praktiken um Terrain kéint virgoen?

Drëttens, wier de Minister eventuell d'accord, concernéierten Entreprises a Geschäftsleit eng logistesche Hëllef zoukommen ze loosse, wat eventuell Reklamatiounen a Recourse vun dëse Betriber géint eenzel Fournisseure betrëfft, dës souwuel um Niveau vun der EU-Kommissioun wéi och le cas échéant beim Europäesche Gerichtshaff?

Véiertens, kéint hei net de Conseil de concurrence méi eng proaktiv Roll spillen, quitte dass ee le cas échéant d'Kompetenze vun dësem nach eng kéier misst op de Leescht huelen?

A fënneft a lescht Fro: Kéint ee sech net virstellen, dass de Ministère genau géif Buch féieren vun allen territoriale Restriktionen, déi him géife vun Entreprises gemellt ginn, an d'Lescht vun all deene Fournisseure géif am Ufank vun all Joer publizéiert ginn? Dës Mesurë kéinten nämlech dann e gewëssenen Drock ausüben, och op d'Fournisseuren, déi sech net un d'europäescht Recht géifen halen.

Ech soen lech scho Merci fir d'Beantwortung vun deene Froen, Här Minister.

► **Une voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président.* - Merci och dem Här Mosar. An d'Wuert huet elo direkt de Wirtschaftsminister, den Här Etienne Schneider.

► **M. Etienne Schneider**, *Ministre de l'Économie.* - Merci, Här President. Ech soen dem honorablen Deputéierte Laurent Mosar Merci fir déi Fro. Dat ass e Sujet, dee mech scho laang rose mécht, e Sujet, dee mech rose mécht, zënter ech am Amt sinn, a wou mer wierklech viles probéiert hunn, fir d'Kommissioun dozou ze bewegen, dass se sech géif bougéieren.

Mir wëssen, dass de Problem net nëmme beim Commerce besteet, net nëmme bei de Grandesurfaces, déi sech net kënnen do mat Produiten andecken, wou se wëlle respektiv wou et fir si am bëllegsten ass, mä déi gezwonge ginn, bei deem engen oder anere Fournisseur anzekafen, wat an eisen Aen inakzeptabel ass. Mä datselwecht gëllt fir d'Handwerk, well och d'Handwerk ass an engem gewëssene Mooss limitéiert, seng Wuer do anzekafen, wou et dat gesot kritt vu senger Fournisseuren, an dann och zu deem Präis. A ganz oft féiert dat zu Problemer mat den Délai-de-livraisonen, déi net kënnen agehale ginn am Handwerk.

Dat ass also e Problem, dass eise Commerce an eist Handwerk net fräi sinn, do ze kafen, wou se wëllen. Mä et kënn nach méi schlëmm, se si souguer net fräi, dat ze kafen, wat se wëllen, well ganz oft Produiten hei zu Lëtzebuerg guer net ugebuede ginn an ee muss op alternativ Produiten ëmsteigen.

Mir hu ganz konkret déi Etüd gemaach - fir direkt op déi lescht vun Äre Froen ze äntweren -, mir hu mat deene Concernéierte schonn zënter Joren eng Lescht gefouert, wou mer gesinn hunn, dass zum Beispill Supermarché franséisch Mineralwaasser mussen an der Belsch akafen, also iwwert d'Belsch akafen an et méi deier akafen, wéi de franséische Supermarché déi aner Säit vun der Grenz et verkeeft. An dat, mengen ech, ass eng Distorsion de concurrence, déi einfach nëmmen inakzeptabel ass!

Et ass eng Etüd gemaach ginn, déi ass och elo am Mee jo publizéiert ginn. An déi meescht vun all deenen, déi matgemaach hunn, hu sech beschwéiert iwwert déi dote Situatioun.

Wéi ech Minister gi sinn, hunn ech natierlech och direkt eng Rei Schrëtt ënnerholl, fir ze kucken, deen dote Problem geléist ze kréien. Mir haten am Joer 2014 laang Diskussiounen mam deemolegen zoustännegen Kommissär fir de

Bannemaart, dem Michel Barnier, deen eis och versprochen huet, dass en eppes géif maachen, well en och der Meinung wär, dass dat doten an engem fräien europäesche Marché inakzeptabel wär. Leider ass doropshin awer näischt geschitt. Mir hunn em och duerno nach geschriwwen. Et ass awer näischt geschitt.

Mir hunn 2015 an 2016 ëmmer erëm intervenéiert bei der Kommissärin Bieńkowska, déi dann zoustänneg war fir den Dossier. Och si war schockéiert ze héieren, wéi déi Praktike sinn. Si huet eis och verséichert, dass se géif eppes dogéint wëlle maachen. Leider ass awer och do alt erëm eng kéier näischt geschitt.

Dunn hu mer als Benelux-Länner eng Etüd an Optrag ginn, well mer geduecht hunn, mir probéieren dann emol zu dräi zesummen, méi Drock op d'Kommissioun ze maachen. A mir hunn déi Etüd gemaach. An et muss ee soen, elo zënter déi Resultater vun där Etüd do sinn, kënn Bewegung an déi Diskussioun. An d'Kommissioun huet eng Kommunikatioun erausgi mat dem Titel „Commerce de détail au XXI^e siècle“, wou kloer gesot gëtt, dass déi dote Praktiken mussen ophalen.

Bon, dat do ass elo emol gesot. Wat dann elo kënn, dat ass eng aner Fro. Am Juni huet dann elo rezent de Vizepresident vun der Kommissioun, den Här Katainen, och gesot, dass déi Praktiken inadmissibel sinn. A mir hunn an deem Kontext dann och elo nach eng kéier virum e puer Deeg erëm e Bréif un d'Madamm Bieńkowska geschéckt, fir eben hir och nach eng kéier, soe mer emol, ze rappeléieren, dass se dann endlech eppes soll an deem dote Beräich maachen.

Et schéngt mer, wéi wann déi verschidde Kommissären de Problem agesinn hunn, zemol wa se soen, dass et inadmissibel fir si ass. Mä iergendwéi kënn hanne kee richteg Resultat dobäi raus. An et ass leider esou, dass dat doten eng Aktioun muss sinn, déi vun der Kommissioun geholl gëtt, fir hei déi Concurrence déloyale erëm opzehiewen.

Dofir ass et och leider, muss ech soen, net zillührend, fir elo ze kucken, wéi mir de Betriber hei zu Lëtzebuerg kënnen hëllefen, well deen eenzege Wee, hinnen ze hëllefen, ass doriwwer, dass d'Kommissioun eppes mécht. Dofir vläicht och en Appell un lech, Här Mosar, fir dass Der vläicht och eng kéier vun Ärer Partei hier mam Kommissionspräsident schwätzt, him vläicht de Problem och nach eng kéier erkläert, fir dass hien de Secours och gëtt um Niveau vun der Kommissioun, fir hei endlech eppes ze maachen.

Ech mengen einfach, dass, wa mer wëllen e fräie Bannemarché hunn, all Mensch, egal wou en ass, egal wéi kleng säi Land ass, muss fräi sinn, sech do ze provisionnéieren, wou e wëllt, an dass en och muss fräi sinn, sech mat deene Produiten ze provisionnéieren, déi e wëllt. Dofir hoffen ech elo, dass d'Kommissioun et verstanen huet. Wann Dir nach vläicht kéint de Kick ginn un de Kommissionspräsident selwer. Vläch kreie mer dann nach eng Reglementatioun, ier dës Kommissioun hir Penssioun hält am Joer 2019 a mer da vläch erëm eng kéier mussen bei Null ufänken, fir dann neie Kommissären erëm eng kéier deen ale Problem vu vir un ze erklären.

Ech mengen, et wär un alleréischter Plaz am Interêt vum Konsument hei zu Lëtzebuerg, mä och am Interêt vun de Betriber, fir déi Distorsion de concurrence, déi se haut hu vis-à-vis vun hiren Noperen an den Nopeschlänner, opzehiewen.

Voilà. Merci villmools.

Dir hutt nach eng Fro?

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président.* - Merci dem Här Minister. An den Auteur vun der Fro huet d'Méiglechkeet, nach eng kéier nozehaken.

► **M. Laurent Mosar** (CSV).- Jo, Merci. Och Merci dem Här Minister fir déi Äntwert, déi mer zum Deel Satisfaktioun gëtt, awer och nëmmen zum Deel, Här Minister. Well wat ech lech och gefrot hunn, an ech mengen, dass schéngt mer déi wesentlech Fro ze sinn: Dir hutt matkritt, aus der Etüd geet ervir, dass 40% vun deene befroten Betriber permanent esou Problemer hunn. Elo ass et awer esou, dass vill besonnesch méi kleng Betriber sech natierlech net kënnen mat der Europäescher Kommissioun uleeën, well dat einfach iwwer hir Possibilitäten erausgeet.

Eigentlech ass meng Fro, an ech hunn déi schonn e puermol hei opgeworf, ob do net kéint d'Lëtzebuergesch Regierung - an do ass dann d'Regierung gefuerdert - deene Betriber eng logistesche Ennerstëtzung ginn, well do misst een et menger Meinung no vläch och emol eng kéier op Prinzipienaffären ukomme loosse, well déi Fournisseure si jo bekannt.

A wann do d'Regierung géif déi Betriber ënnerstëtzen, déi eben domadder Problemer

hunn, kéint een och zum Beispill emol eng kéier e Recours virum Tribunal hei zu Lëtzebuerg an éischter Instanz an d'A faasse respektiv kéint och d'Kommissioun, an dat gesäit jo elo justement och déi Kommunikatioun vir, selwer géint esou Betriber virgoen.

An duerfir nach eng kéier, Här Minister, do mäin Appell an och meng Demande, fir do de Betriber awer e bësselchen hei ënnert d'Äerm ze gräifen och op eng logistesche Aart a Weis.

► **M. Etienne Schneider**, *Ministre de l'Économie.* - Här Mosar, nach eng kéier, mir sinn zënter Jore mat de Betriber amgaangen, dat doten ze kucken. An ech mengen, Dir hutt recht: De Betrib selwer huet jo d'Méiglechkeet, Recours ze maachen um Europäesche Gerichtshaff, mä si maachen et awer aus diverse Grënn net.

Si maachen et aus diverse Grënn net: well se dee Fournisseur net wëlle verléieren, well se net wëlle riskéieren, dass deen op eemol seet: „Ma da kriss du elo iwwerhaupt kee Produit méi vu mir gelivvvert“, well esou wichteg ass de Lëtzeburger Marché fir déi grouss Fournisseuren net. An dat ass awer de Risiko, dee se wëllen evitéieren. Well elo stellt lech vir, Dir sidd e Supermarché, Dir hutt e Produit, deen de Lëtzeburger nun emol gären huet, a muer kënn Der en net méi ubidden. Da geet de Konsument duer, wou en e kritt, nämlech an d'Ausland.

Dofir ass et esou, dass eben déi - an hei schwätzen ech haaptsächlech vum Commerce de détail, vun de Supermarchéen - et net wëllen dorop ukomme loosse. Dofir gëtt et nëmmen ee Wee, an zwar deen, dass d'Kommissioun endlech dat mécht, wat se ëmmer seet, wat se eis zënter Joren assuréiert, nämlech dass se mat deene Praktiken do wëllt Schluss maachen! Dofir géif ech net wëllen de Ball zrückschëssen, mä ech géif wierklech nach eng kéier en Appell maachen un lech, fir och ebe mam Här Juncker ze schwätzen, dass dee sech dären Problem och bewosst gëtt an dass en dat doten a senger Kommissioun, déi awer elo iwwerzeegt ze si schéngt, dass dat e Problem ass, als eng Prioritéit deklaréiert an dass mer do nach eng Reglementatioun fannen, déi nach virum Enn vun dëser Kommissioun kéint a Kraaft treden.

Well alles anescht, soen ech lech, do fäerten ech wierklech, dass mer dann erëm eng kéier bei Null ufänke mat neie Kommissären, déi mer dann erëm iwwer Jore mussen iwwerzeegen vum deem dote Prinzip. An dann ass eise Leit hei näischt gehollef. Et féiert leider kee Wee laanscht d'Kommissioun, fir hei eng Decisioun ze huelen, déi déi Distorsion de marché opléist, an dat am Interêt vum Konsument.

Ech soen lech Merci.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président.* - Merci. Domat ass dës Fro ofgeschloss. A mir géifen vun nächste Punkt vun eise Ordre du jour iwwergoen, dem Projet de loi 7239, enger Modifikatioun vum Gesetz iwwert d'Acquisitioun vun engem Militärfliiger. An d'Wuert huet de Rapporteur, den Här Marc Angel.

6. 7239 - Projet de loi portant modification de la loi du 21 mars 2005 autorisant l'acquisition d'un avion de transport militaire A400M

Rapport de la Commission des Affaires étrangères et européennes, de la Défense, de la Coopération et de l'Immigration

► **M. Marc Angel** (LSAP), *rapporteur.* - Jo, Merci, Här President, fir d'Wuert. Här Minister, léif Kolleeginnen a Kolleegen, am November 1996 gouf vun enger Rei europäesche Länner d'OCCAR gegrënnt. Dat ass d'Organisation conjointe de coopération en matière d'armement. Säitdeem geréiert dës Organisation eng ganz Rei vu Programmer, wou europäesch State sech zesummendinn, fir gemeinsam militäresche Acquisitiounen ze maachen.

Uganks den 2000er Jore krut d'OCCAR dann och en neie Programm ze geréieren, an zwar dee vum Militärfliiger A400M. Lëtzebuerg gouf deemools an dësem Programm duerch d'Belsch vertrueden. An ech rappeléieren, dass den deemolegen Defenseminister Charles Goerens am Kader vun engem Kooperationsaccord, deen am Juni 2001 mat der Belsch ënnerschrifft ginn ass, Lëtzebuerg engagéiert huet, fir esou een A400M ze kafen. An d'Belsch hu sech deemools engagéiert, fir der siwen ze kafen. An et ass sech och engagéiert ginn, dass déi acht Fliigere solle gemeinsam exploitéiert ginn.

De Kaf vun engem A400M gouf schlussendlech dann am Joer 2005 hei an der Chamber beschloss duerch de Vott vun engem Gesetzes-



projet vum deemolegen Defenseminister Luc Frieden. An et ass dee Projet, dee mer jo och haut hei modifizéieren.

Wéi mer deemools de Gesetzesprojet diskutéiert hunn, ass et virun allem ëm de Kaf vun deem Fliger en tant que tel gaangen an ëm déi gemeinsam Acquisitioun mat der Belsch. An zu deem Zäitpunkt war et allerdéngs nach guer net méiglech, fir déi genau Modalitéite vun deem gemeinsame Projet festzeleeën. Esou war et zum Beispill 2005 net méiglech, d'Fraise vun der Exploitation, vum Fonctionnement oder vum Ennerhalt vum Fliger genau festzeleeën, deem eréischt vill Jore méi spéit sollt gebaut a geliwwert ginn.

Den Datum vun der Livraisoun kënnt awer entre-temps esou lues a lues ëmmer méi no, trotz natierlech alle Problemer vun deene Verspéidungen, op déi mer jo och schonn ëfters hei am Haus agaange sinn, déi Problemer, déi d'Firma Airbus bei der Entwécklung vum A400M bis elo hat. De viraussiichtleche Liwwertermin läit anscheinend elo am Joer 2020.

Dofir ass et also elo néideg ginn, den Text vum Gesetz ze adaptéieren, fir d'Depensen, déi den A400M nom Kaf wäert erfuerderen, och ze erméiglechen. De Gesetzesprojet, ëm deem et haut geet, schreift dofir d'Käschte fir den Ennerhalt vum Fliger vir, déi mussen da bezuelt ginn.

De Gesetzesprojet geet dovun aus, dass déi Käschte sech pro Joer op 11 bis 12 Milliounen Euro wäerte belafen. Bei enger viraussiichtlecher Gesamtliewensdauer vu 35 Joer fir den A400M schreibe mer dofir eng maximal Zomm vu 420 Milliounen iwwert déi nächst 35 Joer fest. Vu dass Lëtzebuerg net selwer iwwert deem néidegen techneschen Know-how verfüügt, wäert de Fliger an der Belsch stationéiert ginn an och vun de Belsch ënnerehalen.

Lëtzebuerg wäert sech also mat engem Aachtel un de Gesamtkäschte vum Ennerhalt bedeelegen.

Léif Kolleeginnen a Kolleegen, dese Gesetzesprojet gouf de 16. Abrëll an der zoustänneger Kommissioun presentéiert. Ech resuméieren lech gär hei déi wichtegst Punkte vun eiser Diskussioun.

An der Kommissioun hu mer selbstverständlech iwwert déi ëmmer nei Retarde vun Airbus geschwat, déi awer zum Deel och doduerch ze erkläre sinn, well d'Clienten, also déi europäesch Staten, ëmmer nei Besoinen haten. Den Accord mat Airbus huet eng ganz Rei vu Revisiounsklauselen virgesinn, fir de Fliger eben un dës nei Besoinen unzepassen. Zum Beispill war et een neie Besoin, dass och Helikoptere kéinten transportéiert ginn. D'Staten hunn deem neie Livraisonskalenner allerdéngs dunn akzeptéiert. Dofir huet Airbus och keng Strofe misse bezuelen.

An der Kommissioun gouf awer och nach iwwert d'Fro vun der TVA diskutéiert. An an dëser Fro ginn et zwee Voeten:

Engersäits gëtt et d'TVA op der Acquisitioun vum Fliger selwer. Dat sinn insgesamt 28 Milliounen Euro, déi mer hei zu Lëtzebuerg wäerten un eis selwer bezuelen.

Anerersäits geet et ëm d'TVA op de Servicer, déi d'Belsch fir eis iwwerhuelen am Kader vun der Exploitation, vum Fonctionnement an och vum Soutien en service vum Fliger. Déi Fro konnt an der Kommissioun net direkt beäntwert ginn a mir hunn dunn op Récksprouch mat der Direction de la défense eng Prise de position vum Finanzministère ugefrot. A mir hunn dunn och direkt op déi Ufro eng Äntwert vum Finanzministère kritt. An zwar wäert et viraussiichtlech esou sinn, dass op ronn 55% vun der Gesamtzomm fir déi Servicer, déi d'Belsch fir eis iwwerhëlt, hei zu Lëtzebuerg d'TVA u Lëtzebuerg muss bezuelt ginn, an déi restlech 45% TVA mussen mer un de belsche Stat bezuelen.

De Statsrot huet a sengem Avis iwwregens och déi Fro vun der TVA opgeworf, awer soss huet en an deem Avis vum 12. Juni keng weider Oppositioun oder Remarken zum Gesetzesprojet formuléiert. Mäi schrëftleche Rapport gouf de 25. Juni an der Kommissioun dunn ugeholl.

Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, domat sinn ech um Enn vu mengem mëndleche Rapport ukomm. Bei deemem Projet geet et drëms, den Ennerhalt vun engem Fliger ze finanzéieren, vun deem ech et net verstopen, dass säi Kaf eng laang a kontrovers Diskussioun hei zu Lëtzebuerg sengerzäit opgeworf huet, an deem iwwer Joren och ëmmer erëm an de Medien opgetaucht ass. Lëtzebuerg huet sech

2001 engagéiert, dee Fliger ze kafen. 2005 huet dës Chamber dozou e Gesetz gestëmmt, fir dee Fliger ze kafen. An da mussen mer och elo den Ennerhalt vun deem Fliger finanzéieren.

Dofir ginn ech och den Accord vu menger Fraktioun zum Projet de loi an ech soen lech Merci fir d'Nolauschteren.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci dem Här Rapporteur. An als éischte Riedner ass den Här Jean-Marie Halsdorf agedroen.

Discussion générale

► **M. Jean-Marie Halsdorf (CSV).** - Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, ech wëll dem Rapporteur direkt Merci soe fir säi gudde mëndlechen an och schrëftleche Rapport. An et ass effektiv esou, dass mer mat deem Finanzéierungsgesetz am Fong geholl eng politesch Decisioun aus dem Joer 2001, wéi de Memorandum of Understanding ënnerschrifwe ginn ass, finaliséieren op Basis och vun engem Gesetz vun 2005.

Dës ass am Fong geholl en typesche Projet fir d'Défense, well d'Engagement an der Defense si ganz oft ganz laang, déi ginn net a Jore gezielt, mä a Joerzénge. Dat ass jo hei de Fall. A mir maachen och nees e Projet mat eise belsche Frënn, e bilaterale Projet. Mir wëssen, dass am Fong dese Projet am Ufank sollt méi breit ginn, well déi däitsch Frënn haten och am Ufank versicht, eventuell hei matzemaachen. Déi sinn dann elo erausgeklommen, soudass nach just elo Lëtzebuerg an d'Belsch eng Unitéit op Melsbroek setzen an dass de Projet dann do finaliséiert gëtt.

Et ass effektiv esou, dass déi Decisioun groussjäreg ass, a wann ee jo seet beim Kaf, da muss een och jo soe beim Ennerhalt, beim Fonctionnement an esou weider, soudass et am Fong geholl wierklech kee Sënn géif maachen, elo géint dese Projet ze stëmmen.

Zur Symbolik vum Projet: Effektiv, de Rapporteur huet et gesot, d'OCCAR, déi 1996 als Forum fir d'Zesummenaarbecht an der Defense gegrënnt ginn ass, hat dese Projet am Programm. An ech gesinn dese Projet och e bëssen an den aktuellen Diskussiounen haut an den Trump-Zäiten, wou ee versicht, d'Défense an der EU e bëssen ze stäerken, sech eng Strategie ze ginn. Ech mengen, mat deemem Projet kréie mer en Instrument, wat et bis elo net an der EU gëtt, eben den Transportfliger, dee performant ass an dee ka Konkurrenzfähig si mat anere Fligere, déi et an dëser Welt ginn.

Mä wat mer awer och kréien, an dat ass fir mech ganz wichteg, dat ass nach net gesot ginn: Mir kréien duerch dese Projet am Fong geholl e Gesiicht an der Defense. Haut nenne mer dat jo „Nation Branding“. Et ass eng Form vun Nation Branding. Lëtzebuerg sëtzt um Dësch mat de Fransousen, mat den Däitschen, mat de Portugiesen, de Spuenier, den Türken an den Engländer. Dat ass also am Fong geholl och eng gutt Saach fir eis, dass mer e Gesiicht kréien an deemem Beräich.

De Käschtepunkt ass ugeschwat ginn: 11 bis 12 Milliounen. D'TVA-Fro ass geléist ginn. Wat dat wäert ass, dat wäerte mer gesinn. Mir hu jo gesinn, wéi et gaangen ass mat der Liwwerung. Ech ka mech erënnere, 2009 ass näamlech um Circuit Paul Ricard dee ganze Programm ënnerschrifwe ginn, an dunn ass gesot ginn: „2017 gëtt e geliwwert.“ Elo kréie mer en definitiv wahrscheinlech am Mee 2020 geliwwert. Dat ass eben esou. An esou wäert et och mat de Finanzen sinn, dass de Käschtepunkt och wäert wahrscheinlech variéieren.

Ech hat gesot, d'Projets à long terme wäeren eng Tradition am Beräich vun der Defense, well mer hunn nach en anere Projet, deem och bis 2032 geet, dat ass de WGS-Projet, de Wideband Global SATCOM System. An do schaffe mer jo och mat de Kanadier, den Neuseeländer, den Dänen an den Hollänner zesummen. Et ass also e weidere Projet, wou kee Retour économique do ass, mä wou mer eben no baussen existéieren op där grousser Bün, wou mer eis do kënnen mat groussen Natiounen zesummesetzen.

Doriwwer eraus bréngen esou laangfristeg Projeten och déi néideg Basis fir eben déi Liwwerleung, déi mer mussen maachen, wou mer net dolaanscht kommen, fir eben en héijen Deel vun eisem PIB - 0,6% streeft jo dës Regierung un - ze garantéieren. An duerfir brauche mer déi néideg Basisdepensen. An déi hu mer mat esou laange Projeten, déi iwwer vill Jore ginn.

Ech si frou, dass mer mat deemem Projet am Fong geholl elo Egemëtter kréien an der Verteidigungsstrategie an der EU. An ech sinn och frou, dass dee Projet éischter medezinnesch ausgerichtet wäert ginn, dat heescht also, dass en an de Katastrophen- an a Kriseregionen agesat ka ginn, wat am Sënn ass vun der Kooperations, wat jo eent vun de Standbeen ass

vun der moderner Verteidigungspolitik: Develloppement, Defense an Diplomatie.

Duerfir ass dat heiten e grouss Geste vu Solidaritéit an der EU am Beräich vun der Defense. An duerfir wäert d'CSV dese Projet och stëmmen.

Merci.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci och dem Här Halsdorf. An nächste Riedner ass den Här Gusty Graas.

► **M. Gusty Graas (DP).** - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, 1999 war en EU-Sommet zu Köln. An deemools ass decidéiert ginn, dass eng Rei vun Aufgabe vun der deemoleger WEU, also der Westeuropäescher Unioun, sollen an d'Kompetenz vun der Europäescher Unioun erafléissen. D'WEU, déi ass jo entre-temps opgeléist ginn. Just eng Klammer op: Hir Archive leien hei zu Lëtzebuerg; Klammer zou. Ech mengen, d'EU brauch och eng Panoplie vu Moyenen, fir eben ausserhalb vun de Grenzen aktiv ze ginn. An dozou gehéieren natierlech d'Assistance humanitaire, d'Secours d'urgence an - leider, muss een och vläicht soen - d'Defenseaufgaben.

Jiddefalls huet d'Europäesch Unioun och mat grousser Majoritéit decidéiert, a Krisengebieder aktiv ze ginn. Mir sollen net ewechkucken als Europäer, wann et där Regione ginn, wou ebe ganz seriö Problemer bestinn. Allerdéngs mussen eis Asätz dann awer ëmmer a geregelte Bunne stattfannen. Si mussen ëmmer konform sinn zu internationalen Ofmaachungen. Ech denken do natierlech un d'UNO-Charta. Ech denken do awer och un den UNO-Sécherheitsrot.

Fir awer kënnen esou Asätz ze maachen, brauche mer och adequat Material. An duerfir ass ënnereaner och dee Kaf vun deem Transportfliger hei vu ganz grousser Wichtigkeet gewiescht, fir dass mer kënnen virun allem awer och Secours d'urgence garantéieren.

Deen Typ vu Konflikter, déi mer aus de 70er an 80er Jore kannt hunn, déi sinn natierlech net méi vergläichbar mat deene vun haut. Haut si ganz aner Asätz an et geet net méi duer, dass ee mat der Schubkar op d'Plaz fiert, mä et muss een, wéi gesot, mat ganz performantem Material do operéieren.

An dass Lëtzebuerg do säi Bäitrag ze leeschten huet, dat dierft wuel kaum a Fro gestallt ginn. Ech mengen, mir betten eis haut a grousser Communautéiten an, sief dat d'Europäesch Unioun, sief dat natierlech virun allem och d'NATO. An dann ass et evident, dass och e klengt Land säi Bäitrag do soll leeschten.

Deemools wéi mer déi Konventioun mat der Belsch gemaach hunn, den 13. Juni 2001, war dat eng richtig Decisioun, well se eis d'Méiglechkeet ginn huet, och zesumme mat den - an et kann een dat hei roueg soen - belsche Frënn eben esou en Akaf ze maachen, well si eben och e besseren Know-how hunn a well si virun allem awer och konnte besser Konditiounen dee Moment aushandelen.

Et muss een natierlech och Verständnis hunn, dass haut nei Elementer opgetaucht sinn an dass eben och d'Gesetz vum 21. März 2005 muss ugepasst ginn. Natierlech ass dat heiten en héije budgetären Impakt. Den Acquisitiionspräis läit entre-temps bei 168 Milliounen ouni TVA. Op dee Volet TVA ginn ech elo net méi hei an. De Rapporteur Marc Angel huet dat scho ganz gutt hei duergeluecht, deem ech och Merci soe fir seng verschidde Berichter. Do kommen natierlech nief deem Acquisitiionspräis déi 420 Milliounen derbäi. 420 Milliounen klénge den éischte Moment no engem ganz héije Chiffer, mä dat muss een natierlech duerch 35 dividéieren, well dat jo u sech déi Ausgabe sinn, déi während 35 Joer mussen geleescht ginn, dat heescht tëscht 11 an 12 Milliounen all Joers.

Mir sollen eis allerdéngs kengen Illusiounen hgin. Och wa mer haut dee Projet hei mat deem dote Montant stëmmen, da kann awer keen ausschléissen, dass vläicht am Laf vun deenen nächste 35 Joer emol eng Kéier mussen nach Adaptatiounen gemaach ginn.

Ech wëll och drop hiweisen, dass Lëtzebuerg entre-temps jo sechs Piloten an der respektiver Ausbildung huet an dass dat och eng gewëssen Eegestännegkeet vun eiser Defense soll duerstellen.

Vläicht e Wuert awer nach zur OCCAR, also der Organisation conjointe de coopération en matière d'armement. Do ass jo e Land dra wéi d'Türkei. D'Fro ass ze stellen, ob een haut nach mat engem Land, wou en Erdoğan-Regime virherrschet, esou Programmer géif mat ënnerschréien. Mä dat sief dann emol an de Raum gestallt.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, iwwert d'Acquisitioun vun deem Fliger ass na-

tierlech scho ganz viles geschriwwen ginn. Et sinn och eng Onnass Question-parlementaire gestallt ginn. Ech selwer hu mech och alt dru bedeelegt, wat richtig war, well et awer eng ganz Rei Froe gi sinn am Laf vun deene Joren, déi hu misse beäntwert ginn. Ech denken zum Beispill un d'Problemer, wat d'Liwwerzäiten ubelaangt, wat jo dann elo spéitstens am Joer 2020 soll geschéien. Ech denken awer och un d'technesch Problemer a virun allem och dorun, dass d'däitsch Arméi eng Kéier gesot huet, dass et mam A400M eng Rei Problemer géif ginn.

De Choix awer, fir den Airbus ze huelen, war aus eiser Siicht gekuckt richtig. Mir mengen, dass eng Kompatibilitéit soll si mat där Technik, déi vum Airbus gebraucht gëtt, vis-à-vis vun der Technik, déi um Niveau vun der NATO applizéiert gëtt. An dann därerf een net vergiesen, dass et sech jo schlussendlech hei ëm eng europäesch Firma handelt an dass dat dee Moment e wichtegen ekonomeschen Input wäert duerstellen.

Just zur liichter Belustegung: Et war emol e Kolleeg heibannen, deem hat gemengt, mir hätte sollen en Antonov kafen. Ech weess awer net, ob dat grad déi richtig Decisioun gewiescht wär.

Déi kruzial Fro, déi sech natierlech ëmmer erëm hei stellt an der Diskussioun iwwert den A400M, ass, ob et richtig ass, ob et iwwerhaupt noutwendeg ass, esou e Fliger ze kafen. Mir als DP gesinn dat schonn als noutwendeg un. Mir gesinn doran eng gewësse Koexistenz tëscht Kooperatioun, Aide d'urgence a militäreschen Asätz, wou natierlech d'militäreschen Asätz sollen den „ultime moyen“ duerstellen.

Vläicht nach e lescht Wuert iwwert d'Rentabilitéit. Wann de Fliger...

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Jo, Dir misst esou lues zur Konklusioun kommen, Här Graas.

► **M. Gusty Graas (DP).** - Ah, entschëllegt, Här President, da wäert ech mech och un Ären Uerder halen. Wéi gesot, vläicht ofschléissend nach, dass mer als Lëtzebuerg selbstverständlech sollen déi noutwendeg Moyenen hei zur Verfügung stellen. An d'Demokratesch Partei steet zu der Acquisitioun vun deem Fliger an och zu deenen zousätzleche Fraisen, déi hei entstinn, an dowéinst wäerte mir dann och de Projet stëmmen.

Ech soen lech Merci.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci och. An d'Wuert huet elo den Här Henri Kox.

► **M. Henri Kox (d'ei gréng).** - Merci, Här President. Fir d'Éischt wëll ech dem Rapporteur Merci soe fir säin ausféierleche Bericht virun. Hien ass och an d'Geschicht agaange vun deemem Projet. Effektiv huet dee schonn e laange Baart, an den Här Halsdorf vun der CSV huet och nach eng Kéier drop higewisen, dass esou Verdeedegungsprojeten ganz opwendeg, awer och ganz deier kënnen sinn.

Et ass gesot ginn, dass dat op eng Decisioun...

(Coups de cloche de la présidence)

...vun Enn der 90er Joren zrëckgeet. 2001 gouf den éischten Accord gi vun enger virviregter Regierung an 2005 gouf hei e Gesetz gestëmmt fir d'Acquisitioun vun deemem Fliger, wat och innerhalb vun eiser Partei zu enger ganz hefteger Diskussioun gefouert huet.

Haut komme mer dozou, dass mer dem Projet Kontinuitéit ginn, wat d'Exploitation, de Fonctionnement an och de Service dovun ubelaangt. De Chiffer ass genannt ginn: ëm 12 bis 13 Milliounen (veuillez lire: 11 bis 12 Milliounen) d'Joer, wat a sech drobar ass. Mä et ass de Gesamtchiffer, deem hannen erauskënnt, deem hei am Gesetz drasteet, näamlech 420 Milliounen. Mir stinn dann och als Gréng dee Moment zu der Verantwortung, fir dat hei matzedroen, wëllen awer dervu profitéieren, nach eng Kéier dräi Prinzipien ze widderhuelen, wou mir stinn:

Dat Éischt, ganz kloer, wann et zu enger Acquisitioun kënnt, dat Éischt ass d'Konfliktpräventioun. Ech mengen, do si mer eis ganz eens hei am Haus, dass dat de wichtegste Punkt ass. Den zweete Punkt, an den Här Halsdorf ass drop agaangen, dass ass déi zivill Komponent, wann eng gewësse Capacitéit do ass, fir an ziville Missiounen ënnerevee ze sinn, an et ass hei maternimmt ginn, dass dese Fliger do kann agesat ginn. Den drëtte Punkt ass dee militäreschen Asatz, wou dach hei nei Zäiten ugebrach sinn. Et muss ee leider deploréieren, dass mat engem President Trump déi Zesummenaarbecht an NATO-Punkten net méi ganz glécklech ass.

An effektiv, well mir als Gréng zu enger gemeinsamer Sécherheets- a Verdeedegungspolitik hei an Europa stinn - ech mengen, dass hu mer nach ëmmer esou kloer -, esou wëlle mer



dat awer zukünfteg ënnerstëtzen. An dofir ass et vläicht e Moyaen, wann et dann eben zum Kaf komm ass an och haut zu deem Gesetz kënn, dass déi Zesummenaarbecht dann awer optimal soll sinn, fir an effizienten Asätz de Maximum erauszeeien.

Souwäit zu eiser klenger Ausféierung zu dësem Funktionementsgesetz, wat am Endeffekt a sech en deiere Chiffer duerstellt, a mir ginn dann den Accord vun der grénge Fraktioun fir dëst Gesetz.

Merci.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Nächste Riedner ass den Här Fernand Kartheiser.

► **M. Fernand Kartheiser** (*ADR*).- Jo, villmools Merci, Här President. Wéi et sech gehéiert, wëll ech fir d'Éischt dem Här Angel felicitéiere fir déi Aarbecht, déi hien investéiert huet, fir eis de Projet ze erklären. Wann ech vläicht dës Interventioun méi lues ufänke wéi soss, dann huet dat domadder ze dinne, datt ech nach ënnert dem Androck sti vun deem, wat eise grénge Kollege eis hei gesot huet.

(*Hilarité*)

Ass et dann net wonnerschéin, wann eng Partei, déi als Friddenspartei ugetrueden ass virun esou ville Joren, heihinnerkënn an an der Zäit vun 120 Sekonnen 420 Milliounen Euro fir d'Defense ausgëtt?

► **M. Henri Kox** (*déi gréng*).- Iwwer 35 Joer!

► **M. Fernand Kartheiser** (*ADR*).- Iwwer 35 Joer; mä och de Fliger selwer vun 168 Milliounen Engagement fir d'Verdeedegungspolitik iwwert déi nächst Joren. Ech wëll dat just ervirhiewen, wéi wichteg et ass, datt een dat, wat Dir jorelaang gesot hutt, elo am Liicht vun der Realitéit preift. Et ass ganz interessant, dat ze gesinn, ëmsou méi, wou eppes lech ënnerscheet vun aneren, an dat ass, datt mir ëmmer gesot hunn: „Mir si fir déi national Decisioun iwwert déi militäresch Mëttelen!“, während déi gréng gesot hunn: „Mir maachen dat per Majoritéitsdecisioun an Europa!“. Dat heescht, dee Fliger, deen Dir elo matgestëmmt hutt, do ass och nach eng aner Majoritéit, déi driwwer decidéiert, wou dee soll higoen.

Dat gesot, wëll ech awer soen, datt mir als ADR ni glécklech waren iwwert dëse Projet. Mir hatten den A400M och net matgedroen a mir sinn eigentlech confirméiert ginn an deenen Douten: déi ganz Ambitiounen, déi do dra ware vun neien Technologien, neie Materialien, déi europäesch Plaz. Mir hu gesinn, wivill Pannen a Pech eigentlech dee Projet iwwert déi lescht Jore begleet hunn, a leider och Doudeger, bei engem Testfluch si jo leider Leit gestuerwen. Et ass kee Projet, dee bis elo ënner engem gléckleche Stäer stoung. Déi Delaien, déi komm sinn, all déi Diskussiounen ëm eventuell Strofen, déi musse bezuelt ginn, sinn dofir Zeien.

Mir wëssen haut nach net, wat eigentlech d'Capacitéite vun dësem Fliger sinn, ob e militäresch asazfäeg ass. D'Bundesverteidigungsministerium huet do Zweifel gehat. Mir wëssen net, ob déi Spezifikatiounen, déi virgesi waren - simultane Parachutage vun 58 Militär op deenen zwou Dieren, de Largage aérien, de Refueling vun Helikopteren am Vol-, iwwerhaapt kënne geliwwert ginn. Mir kenne seng Capacitéiten haut nach net mat Sécherheet. Mir wëssen och net, ech hunn et op jidde Fall nach neierens gelies, ob deen humanitären a medezinneschen Equipement ka geliwwert ginn, vun deem mir hei ëmmer schwätzen an der Hoffnung, datt mer dee Fliger kënne fir militäresch Missiounen asetzen.

Déi zweet Kategorie vun Iwwerleeungen, déi mir mussen hunn, ass: Wat fir eng Verdeedegungspolitik wëlle mir als Lëtzebuerg an deenen nächste Joren? Wëlle mer eis an esou grouss Projeten investéieren, wou mir déi technesch Capacitéiten net hunn? Wëlle mer déi opbauen? Wëlle mer ëmmer mat der Belsch oder mat aneren Organismen zesummeschaffen? Ass et fir eis dee beschte Wee, fir eng Verdeedegungspolitik opzebauen ënnert dem internationalen Drock?

Et ass gesot ginn, datt mer ënner engem Drock stinn, fir déi Militärbudgeten ze erhéien. Mä mir mussen eis an der Situatioun vun engem klengen Stat awer froen: Wat maache mer? Wat ass fir eis déi intelligentst Approche, fir Militärausgaben ze organiséieren? An deem Punkt si mer mat der Approche vun der Regierung d'accord, datt mer sollte probéieren, esou vill wéi méiglech Retombée fir eis hei am Land ze hunn. Och dat ass eng Fro, déi mam Fliger net onbedéngt gekläert ass, well mer héieren, datt awer trotzdeem vill Taxen a Steiere mussen un d'Belsch ofgeféiert ginn, eng Situatioun, déi net glécklech ass.

Mir mussen eis och froen, wa mer d'Militär ausbilden, ob mer net probéieren, awer en Avantage aus deem Fliger kënnen ze zéien an deem Sënn, datt mer en Know-how opbauen an

deem Beräich. D'Belsch hatten eis jo offréiert, eng Rei, bis zu 30 Aarbechtsplaze mat dem Stationnement vum Fliger ze verbannen. Och do musse mer Know-how opbauen, well dat ass dann natierlech eng Méiglechkeet, iwwert de Wee vun Aarbechtsplazen eng sënnvoll militäresch Capacitéit fir eist Land opzebauen.

Wien zertifizéiert schlussendlech de Fliger, wann en hei ass? E gëtt zu Lëtzebuerg immatrikuléiert. Ass dat d'Direction de l'aviation civile, oder wie muss sech dorëm këmmern? Alles dat si Froen, déi mer am Laf vun deenen nächste Méint a Jore musse klären. Op jidde Fall ass et e Projet, deen eis nach ganz laang wäert begleeden, deen eis och nach laang Zousatzkäschte wäert bréngen a vun deem mer net wëssen, wéi asazbereet dee Fliger elo ass.

Mir gesi bei deenen, déi ausgliwwert goufen, an dat sinn der nach net esou vill, datt vill vun deene Fligere ëmmer erëm mussen zrëckgoen an d'Industrie, an d'Produktionsanlagen, fir d'Motoren oder aner Komponenten ze ersetzen.

Et ass vläicht eng méi generell Reflexioun, wéi wäit Europa sech iwwerhaapt an esou neie Projete wëllt investéieren. Dat musse mer eis froen, wann et kompetitiv international Offere gëtt, wéi den C17, wéi den C130 an anerer, déi een eventuell och hätt kënnen huelen a séier asazfäeg hunn.

Mir als ADR hunn, wéi gesot, dee Projet ni ganz gär gehat. Mir hunn en net matgedroen. Mir sinn haut voller Zweifel ënnert dem Androck vun deenen Zommen, déi mer fir eppes ausginn, wat eis och militäresch wahrscheinlech net ganz vill Notze bréngt. Dofir wäerte mir eis bei dësem Projet enthalen.

Ech soen lech Merci.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- A leschte Riedner ass den Här Marc Baum.

► **M. Marc Baum** (*déi Lénk*).- Här President, d'Chamber schaaft mat dësem Text déi gesetzlech Grondlag, fir datt den Entretien vun deem emstriddene Militärtransporter A400M eis an deenen nächsten dräi Jorzéngten insgesamt 420 Milliounen Euro kaschten dāerf, dat Ganzt indexéiert op den Oktober 2017. An derbäi kënnt dann och nach e gudden Deel TVA.

De Kaf vum Militärfliager selwer huet schonns knapp 200 Milliounen Euro kascht, an elo gëtt kloer, wat seng Maintenance eis an den nächste Jore kaschte wäert, nämlech nach eng Kéier méi wéi dat Duebelt. Domadder kascht dee Fliger de Steierzueler, wann et da fäerdeg ass, insgesamt bal 700 Milliounen Euro.

Mir waren a mir sinn nach ëmmer géint de Kaf vun deem Fliger, a folglech si mer och géint dee Projet, dee säin Entretien regelt. 2005, wéi dat Gesetz gestëmmt gouf, wat de Kaf erlaabt huet, ware mir mat där doten Analys net eleng. Beim Vott an der Chamber waren déi Lénk net déi Eenzeg, déi dergéint waren, mä eelef Deputéiert waren dergéint an zwee hie enthalen. déi gréng waren dergéint an hire Sprächer vun deemools, de François Bausch, huet deklariert, datt grad den ziville Charakter vun der europäescher Sécherheetspolitik vermoléisegt géif ginn an datt et e Projet wär, deen eleng den Interesse vun der europäescher Rüstungsindustrie dänge géif.

Mä och d'ADR war 2005 dergéint. A vläicht awer am Géigesaz zu deem, wat den Här Kartheiser gesot huet, mat enger Begrënnung, déi héich interessant ass, an ech zitëiere gären aus deem Sitzungsbericht vun 2007 (veuillez lire: vun 2005): „Mir“- d'ADR - „gesi prioritär d'Aufgaben,“ - vun der Verdeedegungspolitik - „déi mer musse maachen, an der Entwécklungshëllef; wat och e gudden Deel vun där Politik ass, déi fir méi Sécherheet soll dëngen.“ Wann ech d'Debatten iwwert d'Entwécklungshëllefpolitik vun deene leschte Jore verfollegt hunn, muss ech feststellen, datt hei wierklech e Paradigmewiessel stattfonnt huet an der Ausrichtung vun der ADR, a méi wéi e Paradigmewiessel, einfach eng Pirouette ëm 180 Grad.

An och bei der LSAP ass et eng Deputéiert ginn, déi sech beim Vott enthalen hat.

Här President, ech gesinn elo leider, datt mir als Lénk hei an der Chamber déi Eenzeg sinn, déi d'Argumenter an d'Argumentatioun vun der Friddensbewegung vun deemools a vun haut seriö huelen an och konsequenterweis géint den Entretien vum Fliger stëmmen. Dëse Projet, an dat, mengen ech, schéngt eis kloer, soll haut gestëmmt ginn, well d'Regierung muer an iwwermuer um NATO-Sommet zu Bréissel sech gäre mat dësem Invest weist bei hiren atlantesche Partner an och beim Här Trump, dee jo gär hätt, datt mer an Europa d'Militarisierung esou poussiéiere wéi an den USA. Duerfir gëtt haut de Vott geholl, datt eis Regierung muer den NATO-Partner dëse milliouneschwéiere Gadget presentéiere kann.

Här President, um virleschten NATO-Sommet zu Wales 2014 huet dës Regierung sech ver-

flicht, d'Militärdepensé bis 2020 ëm iwwer 50% ze erhéien, vun 0,4% vum PIB op 0,6%.

2014, dat war awer och déi Zäit, wéi hei am Land de fénnefte Spuerpak hannerteneen decidéiert gouf. Also wärenddeems d'Regierung de Leit am Land 258 Spuermesurë verschriwwen huet, fir de Budget erëm an den Equilibre ze kréien, huet se zu Wales hiren Accord ginn, fir d'Militärdepensé massiv an d'Luucht ze setzen.

Mä mir wëssen awer och, datt dës Regierung, a besonnesch hire Verdeedegungsminister, dës Acquisitioun zum Deel als eng Zort Allaascht gesäit, och wann d'LSAP an hirer Majoritéit 2005 de Militärtransporter matgestëmmt huet.

D'Zukunft vun der Verdeedegungspolitik an deenen entspreichenden héijen effentlechen Investitiounen a Budgete läit am Retour économique, am „return on invest“. Jo, déi ëmmer méi héich Militärdepensé sollen zur Diversification économique bäidroen, also zu engem wirtschaftleche Pilier vun eisem Land ginn. An dat hält 2020 net op, well d'Regierung och duerno konstant Erhéijunge vun de Militärausgabe virgesäit. Dat kann een an de Lignes directrices noliesen. Do steet nämlech op Sait 34 a 35: «Au-delà de 2020, le gouvernement a décidé de planifier une hausse constante de l'effort de défense.» Wéi gesot, dat alles ass nozeliesen am Wäissbuch.

An dat bedeit dann och a féiert derzou, datt d'Militärdepensen deemnächst relativ méi héich wäerte si wéi d'Depensé fir d'Entwécklungshëllef. Duerfir widderspreichen dës Zuelen oder dës Aussoen an dës Verbindlechkeeten awer deem, wat Dir virun enger Woch hei an der Chamber gesot hutt, datt déi 2% als Zil op kee Fall ze erreeche wären, wann Dir lech och no 2020 weider fir konstant Erhéijungen asetzt.

Här President, als Lénk si mer der Iwwerzeegung, datt et geckeg ass, bei där internationaler Oprüstungsspiral wëlle matzemaachen. An duerfir stëmme mir konsequenterweis och géint dëse Projet.

Merci.

► **M. David Wagner** (*déi Lénk*).- Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Domat ass déi allgemeng Diskussioun ofgeschloss. An d'Wuert huet de Verdeedegungsminister, den Här Etienne Schneider.

Prise de position du Gouvernement

► **M. Etienne Schneider**, *Ministre de la Défense*.- Här President, Dir Dammen an Dir Härren, ech muss agestoen, dass haut fir mech e bëssen e komeschen Dag ass an deem heite Projet, well et déi éischte Kéier ass, dass ech mech esou no fillen zum Här Baum a sengen Aussoen. Par rapport zu all deene Jore virdrun, mengen ech, ware mer nach ni esou no beinee wéi hei.

Ech muss lech ganz éierlech soen, dass ech perséinlech och e Problem mat deem Fliger hei hunn, mat där Decisioun, déi deemools 2001 an dunn 2005 iwwer Gesetz geholl ginn ass, fir deen A400M do ze kafen, och wann et ganz vill Argumenter gëtt, fir dat ze maachen: fir eise Responsabilitéite vis-à-vis vun der NATO gerecht ze ginn, fir och mat eise belsche Partner eppes zesummen ze maachen. Mä ech hunn awer aus diverse Grënn ëmmer e Problem mat deem Fliger gehat, an den Här Baum huet recht domadder.

Fir mech ass et eng Allaascht, déi ech muss weiderdreiven aus deem einfache Grond, well et international Engagementer gëtt, well et och net méi méiglech war, aus deem Kontrakt do ersetzetrieden. Mä ech mengen, de Grond, fir wat ech et als problematesch ugesinn, ass trotz allem e bëssen en aneren ewéi Ären.

Fir mech ass et e problematesche Projet aus deem einfache Grond, well en net menger Doktrinn entsprécht vu Verdeedegungsausgaben. Mir sinn an enger Situatioun, wou mer Drock kréie vun der NATO, vun eisen NATO-Partner, an zwar net nëmme vum Här Trump, fir eisen Effort de défense an d'Luucht ze setzen. Mir sinn dat räichste Land an der NATO an dat, wat am mannste fir déi gemeinsam Verdeedegung ausgëtt, an dofir, mengen ech, ass et net zu Onrecht, dass mer all déi Jore kritiséiert ginn. An dat huet derzou gefouert, dass dës Regierung 2014 um Sommet vu Wales sech engagéiert huet, hiren Effort de défense vun haut 0,4% vum Räichtum, also vum PIB, op 0,6% ze hiewen, wat bedeit, dass mer nach ëmmer déi Lescht wäerte bleiwen, mä ëmmerhin hu mer da bis 2020 gewisen, dass mer en Effort maachen.

Wou ech e Problem hunn, dat ass, wa mer eis Sue fir d'Defense ausginn a si keen direkte Méiwäert fir eist Land oder fir d'Leit an eisem Land hunn. All déi aner Länner maachen dat. All déi grouss Natiounen, déi Sue fir Equipementer an der Defense ausginn, hunn e Retour économique direct dovunner, well se natierlech d'Material an hirem eegene Land, bei hirer ee-

gener Industrie kafen, wat bei eis natierlech just extrem limitéiert méiglech ass.

Ech hunn, wéi ech Verdeedegungsminister gi sinn, ëmmer drop gehalen, dass déi grouss Projeten, déi mer maachen, esou wäit wéi méiglech mussen e Retour économique op d'Land hunn, op d'Lëtzebuurger Economie oder awer op d'Leit, déi hei zu Lëtzebuerg liewen a wunnen. Dofir hu mer och deen Effort de défense an d'Luucht gesat, andeem mer Projete gemaach hunn, wéi zum Beispill zu Dikrech den Häberberg ze renovéieren, e Projet vun 137 Milliounen Euro, wou dee ganzen Häberberg nei gemaach gëtt. Mä a wat investéiere mer déi 137 Milliounen Euro? A Gips an a Faarf an an Tapéiten, an dat kënnt integral dem Lëtzebuurger Handwierk zegutt, well déi déi Haier, déi Baracken alleguerte kënne renovéieren an et gëtt fir eis ugerechent als Effort de défense.

Wa mer de Projet LuxGovSat lancéiert hunn, dann hu mer dat gemaach, well mer eng Kompetenz am Beräich vun der Satellittentechnologie hunn a well mer déi Firma LuxGovSat gegrënnt hunn, zesumme mat der SES, an där mir als Stat jo och ee vun deene groussen Aktionäre sinn. A mir hunn duerch deen Invest, deen eis ugerechent gëtt als Effort de défense, e Retour économique, een „return on invest“, Här Baum, wéi Dir dat esou richtig sot, vun 12% bis 13%, also déi éischte Kéier an eiser Geschicht, dass mer Suen ausgi fir d'Defense an domadder nach Sue verdéngen.

Mir hunn e Projet lafen, fir e Militärspidol ze maachen, dat heescht, eng Infrastruktur ze schafen, déi dem Land zur Verfügung steet, wa mer eng Kéier an d'Situatioun vun enger Katastroph kommen, wa mer eng Kéier Infrastruktur brauche fir „nombreuses victimes“. Dat heescht, mir bauen dat hei zu Lëtzebuerg, et gëtt als Effort de défense, also als militäresch Ausgab, unerkannt an deklaréiert, an awer steet et de Lëtzebuurgerinnen an de Lëtzebuurger Bierger hei zur Verfügung am Fall, wou déi Infrastruktur gebraucht gëtt, zum Beispill am Katastrophfall.

Mir hunn decidéiert, dass mer d'Renovatioun vum Findel maachen, e Findel, dee jo awer vun eis alleguerte permanent am Ziville benotzt gëtt a wou mer elo eben d'Renovatioun zum Deel ugerechent kréien am Kader vun eiser Defense.

Mir hu viru Kuerzem decidéiert, dräi Helikopteren ze kafe fir d'Arméi, Helikopteren, déi mir awer och hei brauchen, nämlech erëm eng Kéier am Katastrophfall, well mir hu keng Enginen, fir Evakuatiounen ze maachen. Wa mer dat missten hei zu Lëtzebuerg maachen, a wann dat bis elo de Fall war, hu mer déi missen am Ausland lounen oder léine goen a se dann hei asetzen. An Zukunft hu mer se hei a mir hu se, zumindest zwee dovun, och direkt hei sur place, um Territoire.

Dat heescht, mir hunn elo an deene leschte Joren ëmmer probéiert, dass all déi Ausgaben, déi mer maachen, och an iergendenger Weis benefice fir d'Land a sech sinn. An dat, Dir Dammen an Dir Härren, ass leider bei deem A400M net de Fall, well en natierlech bezuelt gëtt, well den Entretien gemaach gëtt, mä alles dat geschitt net zu Lëtzebuerg, well en eben net zu Lëtzebuerg stationéiert ass.

Fir mech, an och fir mech als Wirtschaftsminister, ass et deemno awer e bësse verréckt, dass mer et fäerdegbruecht hunn, eng Decisioun ze huelen, fir 420 Milliounen Euro auszeginn, ouni dass een eenzeg Euro dovunner zrëck an d'Lëtzebuurger Economie, zrëck an d'Lëtzebuurger Land fléisst respektiv de Lëtzebuurger Leit zeguttkënn. Dofir hunn ech meng Problemer mat deem Projet. Mä nach eng Kéier, wéi gesot, do ginn et international Engagementer, aus deene mer net méi erauskommen, an dofir wäerte mer dat maachen. Mä am Endeffekt, mengen ech, hu mer dofir an deene leschte Joren eis Politik, wat déi Investitiounen an der Defense ugeet, grondleeënd geännert.

An ech wëll, Här Baum, op eppes anescht zrëckkommen: Dir sot, ech hätt gesot, ech wär net der Meenung, dass mir d'Defenseausgabe weider missten an d'Luucht setzen. Vun 0,4% gi mer op 0,6% an d'Luucht, an ech stinn och dozou. A wann Der déi Ligne-directricen do kuckt, da geet do vu Montante rieds. An de Montant geet ganz einfach an d'Luucht, well 0,6% vun eisem PIB haut manner ass ewéi 0,6% vun eisem PIB a fénnef oder an zéng Joer, well ganz einfach eise PIB weider an d'Luucht geet. Alles anescht wäerte mer muer an iwwermuer op der NATO diskutéieren.

Ech sinn op alle Fall der Meenung, dass déi Demande, déi vun Amerika kënnt - dass mer op 2% vun eisem PIB an d'Luucht ginn, wat eis



Defense ugeet -, fir mech perséinlech eng Fin de non-recevoir ass aus deem einfache Grond, well ech der Meenung sinn, dass, wann all déi aner Länner an der NATO esou vill Sue fir d'Entwécklungshëllef géifen ausginn, wéi Lëtzebuerg dat mécht, da géife mer ganz vill Konflikter evitéieren, déi d'NATO herno net misst léisen. Dofir wäert ech och do nach eng Kéier, wéi mer dat zu Lëtzebuerg esou oft gesot a gemaach hunn, en Appell maachen, dass mer vläicht nach méi - och déi aner Länner, déi an den Top-Dräi sinn, net just Lëtzebuerg - en Akzent leeën an d'Konfliktévitatiere wéi herno an d'Konfliktléisen, an dat ebe just iwwer méi héich Investitiounen an d'Entwécklungshëllef wéi onbedéngt an d'Defense.

Voilà, dat gesot, soen ech lech Merci an ech soen awer och dem Rapporteur villmools Merci fir säi schrëfflechen a mëndleche Rapport.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Merci. Den Här Baum.

► **M. Marc Baum** (*déi Lénk*).- Merci, Här President. Merci och dem Här Minister fir dës Explikatiounen. Déi „hausse constante“, déi an de Ligne-directrice vum der Defense drasteet, an deem sougenannte Wäissbuch, hunn ech zumindest esou an Erënnerung oder esou erkläert kritt, datt ab 2020 déi jo eng proportional Hausse zum PIB wier, dat heescht, datt d'Dépense pro Joer ëm jeeweils 0,05% géifen an d'Luucht goen, soudatt mer dann 2024 respektiv 2025 bei 0,8% respektiv 0,85% vum PIB wieren.

Hunn ech do eppes falsch verstanen? Oder wéi kënnt Dir dat do erklären, well et ass awer zumindest esou, wéi et an der Kommissioun duergestallt gouf?

► **M. Etienne Schneider**, *Ministre de la Défense*.- Här Baum, dat ass esou, dass eng Rei Projeten, déi de Moment un eis erugedroe gi vun der NATO, déi awer nach net decidéiert sinn, géife bewierken, dass dat dote géif geschéien. Mä déi Projete sinn net decidéiert vun dëser Regierung. A mir wäerten net méi spéit wéi dës Freiden an der Regierung nach iwwert déi Ligne-directrices diskutéieren an och iwwert de Budget, dee mer dee Moment wäerten zur Verfügung stellen, fir déi verschidde Projeten ze realiséieren.

Mä tëscht haut an nächste Freiden ass nach den NATO-Sommet. An ech huele jo un, dass do och nach eng Rei Aussoe wäerte gemaach ginn. Ech kommen awer gär dorobber zréck.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Merci. Da kënne mer zur Ofstëmmung iwwert de Projet 7239 iwwergoen.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 7239 et dispense du second vote constitutionnel

An d'Ofstëmmung fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. Dann d'Procuratiounen. An d'Ofstëmmung ass elo eriwwer.

55-mol Jo, 2-mol Nee an 3 Abstentiounen, domat ass de Projet de loi ugehall.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch (par M. Claude Wiseler), M. Aly Kaes, Mme Claudine Konsbruck, M. Marc Lies, Mme Martine Mergen, M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes (par Mme Martine Hansen) Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet;

MM. Marc Angel, Frank Arndt, Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Alex Bodry (par Mme Taina Bofferding), Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten (par Mme Claudia Dall'Agnol), Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot (par M. Marc Angel), Claude Haagen et Mme Cécile Hemmen;

MM. André Bauler, Gilles Baum (par M. Gusty Graas), Mme Simone Beissel, MM. Eugène Berger, Frank Colabianchi, Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Claude Lamberty, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer (par M. André Bauler);

MM. Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter (par Mme Josée Lorsché), Sam Tanson et M. Roberto Traversini.

Ont voté non: MM. Marc Baum et David Wagner.

Se sont abstenus: MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding.

Ass d'Chamber d'accord, fir d'Dispens ze froen? Jo?

(Assentiment)

Merci. Dann ass dat esou decidéiert.

A mir ginn zum nächste Projet vum Ordre du jour iwwer, dem Projet 7113, der Ofännerung vum RMG-Gesetz an der Schafung vum REVIS-Gesetz. An de Rapporteur ass den honorabelen Här Claude Lamberty.

7. 7113 - Projet de loi relatif au revenu d'inclusion sociale

et portant modification

1° du Code de la sécurité sociale;

2° du Code du travail;

3° de la loi modifiée du 26 juillet 1980 concernant l'avance et le recouvrement de pensions alimentaires par le Fonds national de solidarité;

4° de la loi modifiée du 10 août 1991 sur la profession d'avocat;

5° de la loi modifiée du 12 septembre 2003 relative aux personnes handicapées;

6° de la loi modifiée du 30 avril 2004 autorisant le Fonds national de solidarité à participer aux prix des prestations fournies dans le cadre de l'accueil aux personnes admises dans un centre intégré pour personnes âgées, une maison de soins ou un autre établissement médico-social assurant un accueil de jour et de nuit;

7° de la loi modifiée du 18 décembre 2009 organisant l'aide sociale

et portant abrogation

de la loi modifiée du 29 avril 1999 portant création d'un droit à un revenu minimum garanti

Rapport de la Commission de la Famille et de l'Intégration

► **M. Claude Lamberty** (*DP*), *rapporteur*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, op Hëllef vu baussen ugewisen ze sinn, fir ze iwwerliewen, et net ze packen, sech erëm op déi eege Féiss ze stellen, säi Liewensënnerhalt net méi kënne selwer ze verdéngen, dat ass fir keen eng einfach Situatioun.

Mir hunn hei am Land ongeféier 10.000 Stéit, déi den RMG bezéien. Dat sinn am Ganze ronn 20.000 Persounen, dovunner ganz vill Kanner. Dat sinn 20.000 Eenzelchicksaler mat ënnerschiddleche Liewensgeschichten, wéi a firwat si an déi Situatioun gerode sinn.

All Gesellschaft muss hir Fortschrittlechkeet dorunner miesse loossen, wéi si mat den Äermsten ënnert sech ëmgeet. Fir d'Leit an e sem Land ass et zum Gléck evident, datt de Stat an esou Situatiounen muss hëllefen an deene Betreffene muss finanziell ënnert d'Äerm gräifen. Dat ass eng Fro vu gesellschaftlecher Solidaritéit an deem gudden Zesummeliewen an dësem Land.

Eng verantwortungsbewusst Politik séchert awer net nëmmen de finanziellen Existenzminimum, si geréiert net nëmmen Dossieren. Neen, eng verantwortungsvoll Politik fërdert an ënnerstëtzt déi Betreffen. Si mécht hinnen de Wee fräi, fir hir perséinlech Situatioun erëm esou ze verbesseren, datt se am Idealfall erëm ganz op eegene Féiss kënne stoen.

Genee dat ass et, wourobber de Gesetzesprojet, dee mir haut hei diskutéieren, verstäerkt den Accent setzt. Et geet dorëm, de Betreffenen de Wee an d'Beruffsliewen ze erméiglechen oder awer, falls dat net méiglech ass, si sozial ze aktivéieren. Dat kann och iwwert de Wee vun enger Therapie oder anere Mesuren de Fall sinn.

E besonneschen Accent gëtt awer op d'Famillje mat Kanner geluecht, an hei besonnesch bei den Elengerzéierenden, déi dem gréissten Aarmutsrisiko an eiser Gesellschaft ënnerleien.

Här President, wat als Éischt an d'A spréngt bei dësem Projet de loi, ass den Numm. Aus dem RMG, also dem Revenu minimal garanti, gëtt de REVIS, de Revenu d'inclusion sociale. Eng Bezeichnung ze änneren ass vläicht op den éischte Bléck e kleng Schrëtt, mä en dréit derzou bäi, datt mir an der ëffentlecher Perception en neie Bléck op dës wichteg Sozialhëllef geieen.

Et muss eis als Gesellschaft näamlech dorëm goen, de Betreffenen ze hëllefen, erëm selwer hiert Liewen ze meeschten, an net, de Leit eng minimal Existenzgrundlag ze accordéieren, vun där si riskéieren ni méi fortzekommen. Et geet dorëm, de Betreffenen eng Verantwortung fir sech selwer zoukommen ze loossen an

hinnen nei Opportunitéiten ze weisen. Dat, wat op dësem Projet dropsteet, ass och genee hei dran. Den neien Numm seet et: Et geet beim REVIS virun allem ëm d'Inklusioun, ob sozial oder berufflech. Donieft ginn awer och d'Prozedure vereinfacht an d'Sozialaarbecht gëtt dätlich besser koordinéiert.

Fir dës Gesetzeesprojet auszeschaffen, huet de Familljeministère fir d'Éischt emol eng genee Analys vum aktuelle System gemaach, fir d'Schwaachstelle kloer opzeddecken an dann och kënne Remedur ze schafen. Och vun de professionellen Akteuren an den Associatiounen aus dem soziale Secteur ass ganz vill Input komm, well si natierlech am beschte placéiert sinn, fir Verbesserungsvirschléi kënne ze maachen.

Éier ech op den Detail vum Projet aginn, erlaabt mer, zum bessere Verständnis nach eemol op d'Fonctionnsweis vum RMG anzegoen. De But vum RMG ass et op där enger Säit, eng finanziell Ennerstëtzung fir d'Leit ze ginn, déi e gewëssene Seuil vum Akommes net erreechen. Dës Seuil hänkt vun der Zesummesetzung vum Stot of an ass an engem Barème gesetzlech festgeluecht. Eng schaffend Persoun, där hiert Akommes ënner engem gewëssene Montant läit, kritt e Complement, dat heescht e finanziellen Zousaz, bis datt hire Revenu um fixéierte Montant ukënnt. Dobäi gëtt d'Akommes deelweis „immuniséiert“ oder „blockéiert“.

Op där anerer Säit soll den RMG awer och eng aktiv Hëllef sinn, fir de Wee nees zréck op den Aarbechtsmarché ze fannen. Dat geet vun der Hëllef bei der Sich no enger Aarbecht bis zu Orientatiouns- oder Aarbechtsbeschafungsmesuren. Wann eng Persoun an enger Aktivitéit fir eng Insertioun dran ass, huet se eng spezifesch Indemnitéit zegutt. D'Zil ass et hei, datt d'Persoun en autonomt Liewen ouni finanziell Hëllef vum Stat ka féieren.

Här President, den aktuelle System huet Schwaachstellen an ass net ëmmer gerecht. An engem Stot vun zwee Erwuessener, an deem eng Persoun schonn an enger Mesure dran ass, do géif am Moment d'Aktivatioun vun enger zweeter Persoun mat sech bréngen, datt d'Akommes vum Stot iwwert dem festgeluechten RMG-Plaffong géif leien, mam Resultat, datt de Stot finanziell bestrooft géif ginn, wann déi zweet Persoun eng Mesure aktiv géif matmaachen. Also geschitt do natierlech näischt.

Et ass kee grousst Geheimnis, datt et grad d'Frae sinn, déi doduerch meeschtens de Kierzere gezunn hunn, an et da grad si sinn, déi de Wee op den Aarbechtsmarché net méi zréckfannen.

Mir hunn den Ament och verschidden Zeenarien, an deenen d'Méischaffe fir déi Betreffen um Enn vum Mount manner Sue bedeit. Dat ass net gesond. Mir brauchen hei e System, deen de Wëllen, fir méi Stonnen ze schaffen, kloer belount.

Ech hat aganks scho vum Aarmutsrisiko geschwat, dee besonnesch héich ass fir Bezéier mat Kanner an elengerzéiend Elteren. Et ass e Fakt, datt Stéit mat Kanner, déi den RMG bezéien, e groussen Aarmutsrisiko hunn. Dofir ass et och wichteg, bei der Reform hei unzesetzen, fir alle Kanner déi beschten Zukunftschancen ze bidden.

Schliisslech si mer da bei der Bürokratie. Hei ass Sputt no uewen, oder besser gesot no ënnen, dat heescht, Sputt fir manner Bürokratie. Am aktuelle System ass et esou, datt de Suivi vum RMG-Empfänger vun zwou verschiddene Verwaltung gemaach gëtt. Alle béid sinn och zoustänneg fir Insertiounsmesuren. Do hu mer op där enger Säit d'ADEM, déi beim Aarbechtsministère ënnerbuecht ass, an op där anerer Säit den SNAS, deen eng Verwaltung vum Familljeministère ass.

Am Kader vun dëser Reform hu sech Vertrieder aus dem Aarbechtsministère mat deenen aus dem Familljeministère zesummegesat, fir dat Ganzt méi kohärent a méi logesch ze maachen, well e kohärenten, qualitativ héichwäertege Suivi vun de Betreffenen ass den Erfollegsschlüssel vun enger Aktivatioun. An déi ass jo eent vun den Haaptziler vun dëser Reform.

Här President, den RMG bezéien oft Leit, déi wäit ewech vum Aarbechtsmarché sinn. 1999 ass dofir fir dës Persounen e sougenannten „contrat d'insertion“ agefouert ginn, fir ebe méi wéi just e Minimum un Akommes ze garantéieren, mä si op dem Wee an eng Insertioun méi staark ze begleeden. Dat geet awer net duer. Dofir spillt an der Reform den Aspekt vun der Aktivatioun eng wesentlech méi grouss Roll.

Den neie REVIS wäert natierlech weider e Mëtzel géint d'Aarmutsbekämpfung bleiwen, mä et soll méi Wäert op d'Bedelegung vun de Beneficiairen an der Gesellschaft an déi berufflech Aktivatioun geluecht ginn. Domadder wäert méi geziilt d'sozial Ausgrenzung kënne be-

kämpft ginn. Dat entsprécht och deem, wat d'OCDE Lëtzebuerg recommandéiert huet, fir ebe méi Wäert op d'Aktivatioun an op d'Formatioun ze leeën.

Ennert dem REVIS wäert déi eenzel Persoun besser begleet ginn, an dat am Respekt vun hire Capacitéiten an hirer perséinlecher Situation. Well, maache mer eis näischt vir, net jiddweree befénnt sech do um nämlechten Niveau.

Verschidde Leit sinn an enger éischter Phas net prett fir op den Aarbechtsmarché a mussen fir unzefänke mat geziilte Mesuren, déi hire Besoinen entsprechen, als Éischt emol stabiliséiert ginn, éier se dann un eng berufflech Aktivatioun kënne denken. Den neie System gesäit hei sozial Stabilisatiounsmesur vir. Den neie System wäert méi op déi ënnerschiddlech Liewenssituatiounen vun de Leit agoen. Zum Beispill ka Stabilisatioun heeschen, eng Entzëungskur ze maachen, e medezinnescht Traitement oder eng aner Zort vu Rehabilitatioun.

Eng Etap duerno wär et dann, u Projeten deelzehuelen, fir eng temporär Aarbecht am Interessi vun der Allgemengheet ze maachen. Zäitgläich solle Coursen oder Formatiounen gemaach ginn, wéi beispillsweis Sproochecoursen, well een zum Beispill keng Aarbecht fénnt, well ee keng vun de Sproochen beherrscht, déi ee géif brauchen.

Esou eng individuell Prise en charge hëlleft, d'Beschäftegungsfäegkeet vun der concernéierter Persoun ze verbesseren an domadder och d'Chance, um Aarbechtsmarché kënne Fouss ze faassen. Mir dierfen näamlech net vergiesen, datt et net nëmmen ëm Sue geet. Wann een déi Betraffe viru sozialer Ausgrenzung schütze wëllt, da geet et virun allem och ëm d'Integratioun an eng Gemeinschaft an an d'Aarbechtswelt.

Mä maache mer eis näischt vir: Et gi Leit, déi et nëmmen ganz schwéier oder souguer guer net packen, de Wee an de Beruff zréckzufannen. Dofir erlaabt de REVIS et och, datt eng Persoun an enger Mesure ka bleiwen, wann hir Capacitéiten an hir Liewenssituatioun et net erméiglechen, enger regulärer Aarbecht kënne nozegoen.

Am Sënn vun der sozialer Inklusioun wäert de REVIS dann och Persounen zeguttkommen, déi bis elo den RMG net zegutt haten. Dat sinn als Éischt Leit ouni feste Wunnsätz. Dann ass d'Situatioun vum „recueilli par pitié“ elo am Gesetz virgesinn, dat heescht, datt eng Persoun, déi fir näischt an engem Stot wunnt, während engem Joer als eenzel Persoun betruuecht gëtt, also als Persoun, déi net zum Stot gehéiert. Domadder huet si dann och zwielef Méint d'Urecht op de REVIS. Dat neit Gesetz präziséiert kloer, wien ënnert déi nei Regelung fält. Dat si beispillsweis Demandeurs de protection internationale oder och Fraen, déi aus Fraenhaiser kommen, also Leit, déi oft emol nees mussen erëm zréck an d'Gesellschaft fannen, éier se da selbststänneg kënne wunne goen. De REVIS ass hei op zwielef Méint begrenzt.

Doriwwer eraus gëtt et eng gesetzlech Basis, déi gëtt geschafen, fir datt de Fonds national de solidarité, also den FNS, och Independanten eng Ennerstëtzung ka ginn. Den Independant wäert deemno de REVIS sechs Méint zegutt hunn, eng Period, déi och eemol erneierbar ass.

An deem Kontext sief och erwäant, datt mam virleiende Gesetzesprojet en Observatoire des politiques sociales geschafe gëtt.

Här President, e weidert Zil war et, méi Logik a Kohärenz an déi verschidden Insertiounsmesuren, déi haut schonn existéieren, eranzekriegen an och d'Kompetenzen tëscht deene verschiddenen Akteure vill méi kloer ze maachen. Wéi gesäit dat dann elo an Zukunft aus?

Fir de REVIS ze kréien, muss een als Éischt bei der ADEM ageschriwwen sinn. Et ass dann d'ADEM, déi e Profil fir all Persoun opstellt. D'ADEM bleift dann och nëmmen fir déi Leit den éischten Usprichpartner, déi wirklech prett sinn, fir kënne eng Aarbecht ze sichen an ze fannen.

Am Fall, wou eng Persoun awer nach ze wäit sollt ewech si vum Aarbechtsmarché an e spezifesch Encadrement fir eng sozial a berufflech Aktivatioun brauch, gëtt si op Basis vun engem motivéierten Avis un den neien ONIS, den „Office national d'inclusion sociale“, orientéiert, dës virun allem am Interessi vum Betreffenen, well en domadder en individuellen, op seng Besoinen adaptéierte Parcours kann absolvéieren.

Spéitstens dräi Méint nom Avis vun der ADEM gëtt vum ONIS an engem sougenannten Aktivatiounsplang e perséinlechen Aktivatiounsprojet festgehalen. Et ass dës Plang, deen d'Basis fir eng Aktivatioun wäert leeën. Eng effektiv Participatioun un de Mesur gëtt dann och d'Urecht op eng Aktivatiounsallocatioun.